

adr.:

Neex Neex Neex

Léif Lëtzebuurgerinnen a Lëtzebuurger,

Déi, déi fir de „Jo“ beim Ausländerwalrecht sinn, soen dacks, datt d'Lëtzebuurger dobäi näischt ze verléieren hätten. Mir bei der ADR gesinn dat fundamental anescht. **Bei engem „Jo“ géinge mir Lëtzebuurger en zentralen Deel vun eiser Souveränitéit verléieren**, nämlech e Parlament, dat mir eleng bestëmmen. All Vollek op der Welt decidéiert iwwer souverän Froen vu sengem Land an iwwer seng Zukunft als Natioun, an der Aussepolitik, an der Finanzpolitik, iwwer Krich a Friden, iwwer seng Staatsform an esou virun. Mir Lëtzebuurger géife bei engem „Jo“ net méi alleng iwwer eis Zukunft an eist Land bestëmmen!

Am Joer 2018 wäire schon bis zu engem Drëttel vun alle Wieler Ausländer, an Zukunft wäiren et der nach méi. **An e puer Joer sinn d'Lëtzebuurger wahrscheinlech schon an der Minoritéit**. Dobäi ass et just nach eng Fro vun der Zäit, bis d'Ausländer dat passiv Walrecht kréien, also kënnen gewielt ginn.

Bei engem „Jo“ de 7. Juni gétt et kee Wee zeréck! Wat geschitt da mat eiser Gesellschaft? Gétt et dann nach eng Integratioun oder nëmme nach e Communautarismus? Wat geschitt mat eiser Sprooch an eisem traditionellen Trilinguismus? De Begrëff „Awunnerwahlrecht“ féiert duerzou deene Lëtzebuurger, déi am Ausland wunnen, d'Wahlrecht hei am Land no enger gewësser Zäit ewechzehuelen. Eenzel Parteien denken schon an déi Richtung.

Fir d'ADR sinn dës Risike vill ze grouss. D'ADR bekennt sech kloer an dättlech

zu eiser Natioun an eiser Souveränitéit. Si wëll **eis auslännesch Matbierger iwwer Sprooch an Nationalitéit voll an eis Gesellschaft integréieren**. Politesch Matbestëmmung bei nationale Parlamentswahlen ass an eisen Aene verdéngten Ofschluss vun engem gelongenem Integratiounsprozess.

Eist klénge Land an eist Vollek hunn et iwwer d'Zäit net einfach gehat, fir sech an Europa ze behapten. Eis Geschicht huet vill Schéines kannt. Si ass awer och gezeecht vun Occupatioun a vum Wëlle vu friemen Natiounen, fir eis ze annexéieren. D'Lëtzebuurger wëssen, wat Leed bedeit. **Vill Lëtzebuurger hu Widerstand gelescht an immense Courage gewisen, fir eis Souveränitéit an eis Identitéit ze erhalen.**

Mir sinn haut e räicht Land, och wa leider net jiddereen am gläiche Moos dovunner profitéiert. Och eise Wuelstand hu mer net an de Schouss geluecht kritt, **Lëtzebuerg huet méi wéi eng Kris duerch eng staark Solidaritéit iwwerstanen**. Haut probéiere mir Europa virun ze brengen. Mir vun der ADR wëllen dat als fräi, eegestänneg an onofhängeg Natioun maachen. An dem Sënn wëlle mir och muer nach bleiwen, wat mir sinn!

Mir bidden lech e Sondeg dräimol Nee ze stëmmen, an och net einfach e wäissen Ziedel ofzeginn oder doheem ze bleiwen. Mir sinn eise Virfahren dat schëlleg, a mir wëlle fir eis

Kanner eist Land mat senger Souveränitéit an Identitéit erhalen.

Mir stëmmen mat eisem „Nee“ géint keen, dofir awer **fir eist Recht als eegestänneg Natioun an Europa kënnen virun ze bestoen**. Mir stëmmen fir dat Recht, dat och all aner Natioun zu Recht fir sech an Usproch hellt. **En häerzleche Merci fir Ären „Nee“ zum Ausländerwalrecht!**

Fir d'Land:
dräimol nee!

